LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n°4719 du 22 juillet 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen "Effets secondaires du vaccin Johnson et Johnson ".**

*Ass d'Madamm Minister a Kenntnes vun dësem Warnhiweis vu Säite vun der FDA?*

D'Informatioun op déi sech den honorabelen Deputéierten referéiert, ass um Site vun der FDA publizéiert ginn:

https://www.fda.gov/news-events/press-announcements/coronavirus-covid-19-update-july-13-2021
Dës Informatioun ass iwweregens och um Site vun der EMA disponbel:
https://www.ema.europa.eu/en/news/covid-19-vaccine-janssen-guillain-barre-syndrome-listed-very-rare-side-effect

Bei der Nervenerkrankung, op déi souwuel d'FDA wéi och d'EMA hiweisen, handelt et sech em den "Guillain-Barré Syndrom" (GBS), en Syndrom deen als ganz seelen Niewewierkung beim Johnson & Johnson Impfstoff observéiert gouf.

Den GBS ass eng rare neurologesch Stéierung bei där d'Immunsystem Nervenzellen beschiedegt, wat zu Péng, Muskelschwächt, an, an den schlëmmsten Fäll, zu Lämungen féiere kann. Déi meescht Leit erhuelen sech komplett vun der Stéierung, och an den seriösten Fäll. Den GBS ass bekannt an d'Ursache sinn verschidden. En gëtt dacks duerch eng Infektioun ausgeléist, bakteriell oder viral, an méi seelen och duerch Impfung oder Chirurgie. Den GBS ass och mat der Grippenimpfung an mat verschiddenen Medikamenter an Verbindung bruecht ginn.

Wéi fir all Medikamenter an Impfstoffer, déngen Kommunikatiounen vun den Gesondheetsbehörden dozou, fir Gesondheetsspezialisten an d'Leit déi geimpft ginn doriwwer z'informéieren, datt nei Sëcherheetsdaten zu der Produktinformatioun (Notiz) vun der Impfung bäigefügt goufen an fir sie op déi méiglech Symptomer opmierksam ze maachen fir eng optimal prise en charge vum Patient assuréieren ze kënnen.

Des Nervenerkrankung ass ganz seelen an d'EMA bestätegt, datt d'Virdeeler vum COVID-19 Johnson & Johnson Impfstoff weider d'Risiken vun der Impfung iwwerweien.

*Gesäit d'Madamm Minister en Handlungsbedarf fir Lëtzebuerg? Wëll si op nationalem Niveau eng Warnung erausginn oder eventuell esouguer op d'Impfe mat Johnson & Johnson verzichten?*

Déi Publicatioun op déi sech den honorabelen Deputéierten referéiert ass um Site vun der EMA ëffentlech zougänglech an souwuel Gesondheetsspezialisten wéi och d'Leit déi geimpft ginn, fannen des Informatioun an der Notiz. Den Rapport Benefice-Risiko vun dësem Impfstoff bleiwt positiv. Iwweregens mentionéiert d'Notiz vum VAXZEVRIA Impfstoff och den Guillain-Barré Syndrom.

*Kann d'Madamm Minister soen, ob zu Lëtzebuerg och schonn esou Reaktiounen op d'Impfung mat Johnson & Johnson festgestallt gi sinn?*

Bis haut gouf nach kee Fall vun GBS fir den Johnson & Johnson Impfstoff zu Lëtzebuerg gemellt. Et ass een Fall bekannt no enger Impfung mam Vaxzevria Impfstoff.